# POMPJEESVERBAND FLASH Juni 2025

Kolleginnen a Kollegen Pompjeeën am CGDIS, léif Frënn an den Amicallen,

e puer Informatiounen fir iech zesumme gefaasst:

**Verdingschtkräizer**

Nodeems onse Fournisseur fir d'Verdingschtkräizer Enn 2024 opgehalen huet, ass et ons net méiglech d'Kräizer vum Verband fir Nationalfeierdag ze verdeelen.

Mir sinn Ufank 2025 op d'Sich no engem neie Fournisseur gaangen an hunn och e neie Partner fonnt, leider ass et awer duerch de kuerzen Zäitintervall net méiglech d'Verdingschtkräizer esou kuerzfristeg ze liwweren.

Fir dëst Joer preparéieren mir Diplomer vun de Lauréaten, di mir fir Nationalfeierdag un d'Amicallen verdeelen. D'Verdingschtkräizer liwwere mir aus soubal se bei ons antreffen.

Am Anhang fannt dir d'Lëscht vun de Kräizer di mir accordéiert hunn.

**Cross 2025**

An der leschter Versammlung vun der Sportkommissioun ass festgehale ginn e puer Ännerungen um Cross virzehuelen fir en méi interessant fir ons Memberen ze maachen.

D'Leefer ab 16 Joer, op männlech oder weiblech, kënnen an Zukunft tëscht 2 Strecken vun 4.000 an 8.000 Meter wielen.

Méi Datailler an de neie Reglement krit dir mat der Invitatioun fir de Cross.

**Save the Date - Kalenner FNP 2025**

- Samsdes, 13. September – Grenzlandmeeschterschaften zu Ettelbréck
- Samsdes, 27. September – Pompjeescross zu Beetebuerg

Mat beschte Gréiss,

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu 49771-8093 www.fnsp.lu http://www.facebook.com/fnsp.lu/

3, blvd. De Kockelscheuer
L-1821 Lëtzebuerg